ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. August 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Fir géint d'Antibiotikaresistenz beim Mënsch virzegoen, leet d'EU-Reglement 2019/6 fest, datt eng Rei spezifesch Antibioticken nëmme fir de mënschleche Gebrauch reservéiert sinn. 2022 soll op EU-Niveau e Gesetz a Kraaft trieden, wat de Gebrauch vu Reserveantibiotika komplett bei allen Déierenaarten, also net just bei de Notzdéieren, verbidde soll. De President vun der Associatioun vun de Lëtzebuerger Déierendoktere weist allerdéngs drop hin, datt just fënnef Prozent vun den Antibiotikaresistenzen aus dem Beräich vun der Déierenhaltung stamen. Desweidere kritiséiert de President vun der Associatioun vun den däitschen Déierendokteren an och den däitschen Déiereschutzbond, datt op EU-Niveau bewosst wëssenschaftlech Tatsaachen ignoréiert géifen, fir esou de geplangte Verbuet duerchzeboxen. Et géif deemno vun der EU och net kommunizéiert ginn, datt Reserveantibiotika net just fir d'Notzdéiere verbuede wäert ginn, mee fir all d'Déieren. Hie weist och drop hin, datt dëst Verbuet den Dout vu ganz villen Déiere mat sech zéie géif. Déi Lëtzebuerger EU-Deputéiert Tilly Metz schwätzt sech iwwerdeems fir de geplangte Verbuet vu Reserveantibiotika aus.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Deelt den Här Landwirtschaftsminister d'Meenung, datt Reserveantibiotika komplett misste verbuede ginn? Wa jo, wéi begrënnt den Här Minister seng Positioun?
2. Wéi schätzt den Här Minister d'Geforen an d'Risike vun engem Verbuet vu Reserveantibiotika an?
3. Wéi ass dem Här Minister seng Positioun am Hibléck op d'Ausso vum President vun der Associatioun vun den däitschen Déierdokteren an dem däitschen Déiereschutzbond, datt d'EU wichteg wëssenschaftlech Erkenntnesser ignoréiert an iwwerdeems net transparent kommunizéiert, datt de Verbuet vu Reserveantibiotika sech op alle Déierenaarten applizéiert?
4. Ass den Här Minister an deem Kontext der Meenung, datt e generellt Verbuet vu Reserveantibiotika bei den Déieren eng disproportionéiert Mesure ass?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten